

# Regatta.lu Sailing Students mat der ACEL

- vum 28. August bis de 3. September 2022 an der Bretagne -

## **ACEL Trophy fir déi beschte Studente-Crew beim gréisste Lëtzebuenger Segel-Event.**

Nodeems 2020 dräi an 2021 aacht Studenten-Equipage bei Regatta.lu deelgeholl hunn, ass d'ACEL och fir 2022 nees offizielle Partner vum Event an invitéiert all d'Studenten déi segele kënnen, oder et léiere wëllen, dobäi matzemaachen.

### **Regatta.lu - Wat ass dat ?**

Regatta.lu ass eng sportlech Competitioun (Regatta = Course um Waasser), bäi där een och ka matmaachen, wann ee wéineg oder guer keng Erfahrung am Segelen huet. All Equipage besteet aus 4 oder 5 Studenten, déi op enger 10-m-Yacht zesumme mat engem Skipper an engem Co-Skipper vum GLCR un der Course deelhuefen an sou op eng aktiv a spannend Manéier segele léieren. 10 Booter si fir d'Studente reservéiert, sou dass tëscht 40 a 50 Studente kënnen matmaachen. Eng super Geleeënheet, fir interessant Leit kennenzeléieren.

### **Wien organiséiert dat ?**

Regatta.lu gëtt vum gréisste Lëtzebuenger Segelclub GLCR (Groupe Luxembourgeois de Croisière et de Régate) organiséiert, an zesummenaarbecht mat der Segelfederatioun FLV an dem Service National de la Jeunesse (SNJ). En agespilltent Team, wat deen Event säit 2016 all Joers mat 20 bis 30 Booter organiséiert huet. An den éischte Joren war et just fir Schüler aus den Lycéen, mee säit 2020 sinn och Studenten zugeloos. Grad wéi 2021 gëtt och 2022 e getrennt Klassement fir d'Studenten opgestallt, bei deem et den ACEL-Trophy fir déi beschte Studente-Crew ze gewanne gëtt.

### **Wéi leeft dat of ?**

Den Event start méindes moies, den 29. August zu Port-Haliguen bei Quiberon an der Bretagne. No enger kuerzer Aweisung fueren d'Equipagen fir den éischten Training op d'Waasser eraus. Vun dëschdes bis freides ass dann Training a Competitioun an der Baie de Quiberon, mat enger Escale vun zwee Deeg op Belle Île, eng wonnerschéin Insel déi virun der Bucht läit. Iwwernuecht gëtt op de Booten, an d'lessen ass zum Deel op de Booten, an zum Deel an den Häfen, an engem groussen Zelt oder am Restaurant, entsprechend deem wat dee Moment dann am Respekt vun de sanitäre Moosnamen méiglech ass. Freides owes, den 2. September, ass d'Ofschloss-Feier mat der Präisverdeelung.

### **Wéi komme mir an d'Bretagne ?**

D'Schüler aus de Lycéen fueren d'Nuecht duerch mam Bus vu Lëtzebuerg an d'Bretagne, mee d'Studenten kënnen hir Rees selwer organiséieren, entweder mat Privat-Autoen oder mam TGV. Iwwert d'ACEL kënnen der och e Covoiturage organiséieren. Eis Booter leien vu Sonndes Nomëttes, dem 28. August un am Hafen zu Port Quiberon, sou dass een ab 17h00 anchecken an déi éischt Nuecht u Bord verbréngen kann. Och den 2. September sinn nach Booten disponibel fir drop ze schlofen, an da samschdes vun La-Trinité-sur-Mer aus d'Heemrees unzetrieden. Eng Navette gëtt organiséiert, fir d'Autoen déi zu Port-Haliguen stinn, sichen ze goen.

## D'Aschreiwunge ginn Ufank November 2021 op !

D'Participatioun u Regatta.lu Sailing Students kascht 570 € pro Persoun. An deem Präis ass alles dran : d'Locatioun vun de Segelyachten, d'lessen an Drénken vun der ganzer Woch (u Bord an am Restaurant), d'Hafengebühren asw. D'Organisatioun an den Encadrement gëtt komplett vu Benevole gemaach.

D'Aschreiwunge lafen exklusiv iwwert de Site [www.regatta.lu](http://www.regatta.lu). Do fënnt een och vill weider Informatiounen iwwert den Event. D'Umeldunge kënnen individuell oder als kompletten Equipage vu 4 oder 5 Leit gemaach ginn. Et kënnen Equipage mat nëmme Studentinnen a Studente vun enger Uni oder aus enger Stad gebilt ginn, mee och gemëschten Equipagen si kee Problem.

D'Zuel vun de Booten ass limitéiert, dofir sollt dir är Umeldung sou séier wéi méiglech maachen.

### Méi Informatiounen ?

Ech Informatiounsversammlung fir all interesséiert Studenten gëtt am Laf vum November 2021 organiséiert (geneeën Datum gëtt nach matgedeelt). Dat ass d'Geleeënheet, fir alles iwwert Regatta.lu gewuer ze ginn, wat der nach net wësst, a vläicht och aner Studenten virtuell ze treffen, fir zesammen en Equipage ze bilden. De Zoom-Link fir déi Versammlung kënnt op [regatta.lu](http://regatta.lu).

Eng Reunioun mat alle Participanten ass dann fir de Mëttwoch **6. Juli 2022 um 18h30** am Lycée Josy Barthel zu Mamer geplangt. Ausserdem huelen virum Event och ären Skipper a Co-Skipper mat lech Kontakt op. Dir kënnt si dann treffen fir se kennen ze léieren, a wann néideg weider Informatiounen ze kréien.



**Regatta.lu**

*Sailing Students*

#### **Éléments clés de Regatta.lu – Sailing Students 2022**

Dates : du 28 août au 3 septembre 2022

Lieu : Bretagne – Baie de Quiberon

Participants : chaque équipage sera composé de 4 ou 5 étudiants, d'un skipper et d'un co-skipper

Organisateurs : FLV, GLCR, SNJ

Informations et inscriptions : [www.regatta.lu](http://www.regatta.lu)